# Assemblée générale BIGS reportée

## SAVE THE DATE: MARDI 27 AVRIL, 2021, 19h

**INVITATIOUN**
**INVITATION**

19 h
accueil
points statutaires
rapports - discussions
votes

#fir de besch



BIGS

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

# GENERALVERSAMMLUNG vum 27. Abrëll 2021

Brasserie Boulodrome Metzerlach

## 19:00 h Uerdentlech Generalversammlung

- Accueil an Unhuelen vum OdJ
- Aktivitéitsbericht
- Keessebericht
- Bericht vun den Reviseurs de caisse
- Décharge Komitee an Keessière
- Cotisatioun 2021
- Neiwal vum Conseil d’administration an de Keesereviseuren/Innen
- Aktiounsplang an Budget 2021
- Frei Aussproch
- Schlusswuert

## Rapport d'activités März 2020 – Abrëll 2021

Den 4. März 2020 hat d'BIGS eng uerdentlech Generalversammlung mat anschliessendem gemittlechen Iessen, och hei an dësem Haus. Deemols wouste mer nach net dass dat de läschte WE wor éiert ausseruerdentlech Mossnamen – e Lockdown – ausgeléist duerch eng Pandémie déi mer engem Virus verdanken – wou villes fir laang Zäit net méi méiglech wuar.

Als Komiteesmemberen goufen deemols bestätegt:

- Bianca Leardini (Präsidentin),
- Patrizia Arendt (Sekretärin),
- Monique Reder (Keessière),
- Myriam Cecchetti an den Alf Gurschké (Komiteesmemberen).

D'BIGS ass als Vereenegung Member an der Entente des Sociétés vu Suessem. Eis Vertriederin am Komitee ass d'Monique.

D'BIGS ass och mat 2 Membres am Aarbechtsgrupp « Contournement » vun der Gemeng vertrueden; dat sinn d'Bianca an d'Patrizia.

Op facebook  hu mer 440 Abonementer!

# @SuessemBIGS

Eis Internetsäit ass säit et se gett 1.179 mol ugeklickt ginn.

# [https://www.bigslu.net/](https://www.bigslu.net/)

Mär hunn vun der läschter Generaversammlung un 5 Newsletteren an digitaler Form erausbruecht.



BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl RCF1763 association agréée dans la protection de la nature
bigs@pt.lu www.bigslu.net CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

Infoblat N°8/2021
MÄRZ

**Recours BIGS c/Ministère de l'Environnement**
**Dossier WELDBRÉCK/CONTOURNEMENT VU KÄERJENG:**
**et gëtt elo eescht - d'BIGS asbl huet virum Verwaltungsgeriicht geklot!**

D'BIGS asbl huet den 4. März, zesumme mat betraffenen AwunnerInnen vu Suessem a Käerjeng, e Recours beim Verwaltungsgericht deposéiert.

Ugefecht ginn 2 Geneemegungen, déi d'Emweltministesch Carole Dieschbourg op Demande vum Bauteminister François Bausch erausginn huet fir dass d'Ponts&Chaussées kënne mam Bau vun engem Deelstéck vum Contournement bei der Käerjeng-Suessemer Gare ufänken. Dat ännert dem iirféirende Numm „Weldbréck" - fir déi et emol kee Plang gëtt an déi ereischt ... 2024 soll gebaut ginn, 150 Meter méi wäit erop.

De Pressekommuniqué dozou fand der hannen am Infoblat oder um Site vun der BIGS www.bisglu.net an och och ob fb.

**Assemblée générale BIGS reportée**

SAVE THE DATE: MARDI 27 AVRIL, 2021, 19h

27.04.2021
19 h
22 h
Generalversammlung
Assemblée générale
20.30 h
dîner
Brasserie Boulodrome
184 Chemin Rouge
Zolwer/Soleuvre

Eist nächst Treffen ass e Samschdeg, 3. Abrëll um 14 Auer. Des Kéier am Bobësch! Wann d'Wiederkonditiounen et erlaabe kënnen d'Kanner op Sich no verstoppten Ouschteréier goen. Ma och fir déi Erwuessen hu mer e puer Iwwerraschungen parat!
Mir hanken dann och weider Holzplaquetten op! Dir kennt weider Pätter oder Giedel vun engem Bam gin. Mailt eis är Nimm iwwert bigs@pt.lu eran!
Sidd Deel vum Widderstand!
#KeeContournement
#firdebesch

#fir de besch

Collecte de fonds pour financer le recours pour la préservation de la ZONE NATURA 2000
CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

Oppene Bréif vun Natur & Emwelt
Contournement Bascharage: Muss en ausserueerdentlech wertvollen Ökosystem dem Auto Platz maachen?
PAG Gadderscheier
BIGS- Solidaritéit

De Komitee huet sech vun der läschter GV un 4 mol physech getraff an zigmol iwwert Visio, E-mail oder Telefon korrespondéiert.

Mir hunn eis och insgesamt 3 mol mat de Kolleginnen a Kollegen vun Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem, mam Mouvement écologique Régionale sud an mat Youth for Climate Luxembourg getraff fir gemeinsam Aktiounen z'organiséieren.

Et wuar keen einfacht Joer – villes wat mat vill Asatz geplangt wuar, huet missten kuerzfristeg ofgesot ginn. Mir hunn alt ëmmer gehofft, dass d'Situatioun ëm de Coronoa-Virus sech ging verbesseren, ma leider si mer bis haut an eiser Bewegungsfraiheet ageschränkt a kenne nëmmen bedingt aktiv no baussen schaffen.

Nichtdestotrotz wuar et e awer e Joer wou ganz vill geschitt ass an dat kucke mer eis elo zesummen un.

Am Focus vun eisen Aktivitéiten stungen virun allem 2 Themen:

- d'Erhalen vun der NATURA-2000-Zone ëm den Zämerbësch an de Bobësch
- d'Situatioun ëm KRONOSPAN

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

mouvement écologique Régionale Sud

natur&ëmwelt a.s.b.l. Gemeng Suessem

## Conférence de presse / Pressekonferenz

~~17.03.2020~~

24.06.2020

# De CONTOURNEMENT vu KÄERJENG

ass net ze rechtfäerdegen a muss elo, am «après CORONA» vum Dësch!
Mir fuederen e **MORATOIRE** fir den **APD**



Am **Juni** hate mer eng gemeinsam Pressekonferenz mat de Kollegen vun **Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem** an dem **Mouvement écologique régionale sud**. Mir hunn eis nach emol mat den NOX-Werter auserneengesat déi beim Vott vum Gesetz an der Chamber falsch zitéiert goufen an opgedéckt, dass d' raison impérative d'intérêt public majeure hifälleg ass a verlaangt, dass endlech déi verkéiersberouegend Mossnahmen déi fir Käerjeng versprach gi wuaren sollen ëmgesat ginn an e Moratoire vum Bau vum Contournement gefuedert.
Richtigstellung vum 30.6.2020 (gemeinsame Communiqué)

1. Bréif un de Chamberpresident an d'Deputéierten!

Mir hunn dem Chamberpresident geschriwwen fir hien op déi falsch Informatiounen iwwert erhéichten NOX-Werter beim Vott vum Gesetz zum Contournement 2018 unzeschwäetzen. Mir Mengen dozou, dass esouwuel verschidden Deputéierten wéi och op d'mannst e Minister géint den «Code de déontologie» verstouss hunn.

Laut dem « Code de conduite des députés » verpflichten sech d'Deputéierten zu « ouni Eegenotz, intéger, transparent, äifreg, éierlech an responsabel d'Reputatioun vun der Chamber ze vertrieden resp. ze verdeedegen.

Am «Code de Déontologie pour les membres du Gouvernement» gëtt vun de Ministeren verlaangt, dass hier Informatiounen prezis musse sinn an der Wourecht entsprieche mussen, an, dass bei engem eventuellen Flüchtigkeitsfehler deen, bei der éischtbeschter Geleeënheet muss corrigéiert ginn.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**KENG ÄENTWERT NET EMOL EN ACCUSE DE RECEPTION !**

Opgrond vu verschiddenen Aussoen vum Minister Bausch op eng QP vum Yves Cruchten iwwert de geplangten Ufank vun de Aarbechten hu mer eis dunn den 10. **Juli** mam Me Lang getraff fir eise Recours vizebereeden.

Mer hun och en avis juridique iwwer d'Capacitéit an den Intérêt fir viru Geriicht opzetrieden gefrot.

Den hu mer den 31. Juli kritt an et gouf eis geroden, als BIGS den Agrément als Ëmweltorganisatioun ze froen, deen eis  net kéint no europäischem Recht refüséiert ginn.



BiGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

mouvement écologique
Régionale Sud

natur&ëmwelt a.s.b.l.
Gemeng Suessem

YOUTH FOR CLIMATE
Luxembourg

Enn **Juli** / Ufang **August** hate mer e Gemeinsame Flyer vun **Mouvement écologique régionale sud, Natur&Ëmwelt Gemeng Suessem** wou sech **YOUTH FOR CLIMATE Luxembourg** ugeschloss huet während dem Autokino um Belval verdeelt.



Eis 4 Organisatiounen haten fir Ufang **September** en Zeltlager fir 3 Deeg mat engem flotten Programm opgestallt. Dat Zeltlager hu mer dunn och missten ofsoen.



## UMELDUNG / INSCRIPTION CAMPING



Reservéiert är Zeltplatz / réservez l'emplacement de votre tente!

Places limitées!

*ycl.reservation@gmail.com*

## DO IT YOURSELF BEE HOUSE SEEDBOMBS BUTTONS

*au camp*
*am Zellager*





## SOLIDARITEITS-OFSCHLOSSIESSEN

**Sonndes/dimanche 06.09.2020**

12:30 hall polyvalent à Sanem

soupe – bouchée – dessert – café

2 formules: vegan et non vegan

Solidarité : 25 €

*réservation:* ***bigs@pt.lu - 661 591 913***



## IESSEN & DRÉNKEN

**all Daag am groussen Zelt**

MUERES: petit déjeuner FAIRTRADE

METTEG- & OWESIESSEN / DEJEUNER & DÎNER
Veggies & Snacks & Grill

Samschdes/samedi 05.09.2020 12:30 by Foodsharing Luxembourg

## BOTZAKTIOUN / CLEAN-UP

**Samschdes/samedi 05.09.2020**

10:00 départ au camp pour un clean-up à Sanem/Bascharage!

## BËSCHWANDERUNG / VISITE GUIDÉE FÔRET

BOBËSCH - ZAEMERBËSCH - GROUSSEBËSCH / NATURA-2000-ZONE

**Samschdes/samedi 05.09.2020**

15:00 - 16:30 avec **Roger SCHAULS**, biologue, MOUVEMENT ECOLOGIQUE

De MËNSCH an d'NATUR: Trëppeltour an Iwwerleeungen zu Klimawandel an Verloscht vun der Biodiversitéit.
L'HOMME et la NATURE : randonnée pédestre et réflexions sur le changement climatique et le maintien de la biodiversité.

## VELOSTOUR - LE GUIDON BIELES

**Sonndes/dimanche 06.09.2020**

Départ : 10:00 hall poly. à Sanem
Retour : 12:00 hall poly. à Sanem
*inscription : bigs@pt.lu*

## KONFERENZEN

**am groussen Zelt**

Klimawandel - Klimakrise - Krise
Pisten an Weeër



## FILMOWEND - SOIRÉE CINÉMA

**Samschdes/samedi 05.09.2020**

20:00 Hall polyvalent zu Suessem

**Hambi, der Hambacher Forst wehrt sich !**

Der Hambacher Wald wurde zum Symbol des Klimawandels und des Widerstandes.

ZDF-Dokumentarfilm




**UMELDUNG / INSCRIPTION ***  *ycl.reservation@gmail.com*

NUMM, Virnumm
Nom, prénom ________________ E-mail GSM ________________ Alter, âge: ___

ZELTLAGER / CAMP  O 3. - 6.09.2020  O 3. - 4.09.2020  O 4. - 5.09.2020  O 5. - 6.09.2020

PROGRAMM Samsdes / programme samedi 05.09.2020
O 10:00 PICK IT UP
O 15:00 Bëschwanderung / visite guidée avec Roger Schauls
O 20:00 FILMOWEND / soirée CINÉMA

DON - SOLIDARITÉ

PROGRAMM Sonndes / programme dimanche 06.09.2020
O 10:00 VELOSTOUR / randonnée avec LE GUIDON BIELES
O 12:30 SOLIDARITÉITSIESSEN / DÉJEUNER DE SOLIDARITÉ

* Är Données bleiwen bei eis a ginn net weidergeleed / Vos données restent confidentielles et ne seront pas transmises à des tiers.

**FAISONS LA FÊTE ET RESTONS EN BONNE SANTÉ !**
**RESPECTONS LES DISPOSTIONS COVID-19 EN VIGUEUR !**
**PHYSICAL DISTANCING !**
**PORT DU MASQUE OBLIGATOIRE !**

BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl — mouvement écologique Régionale Sud — natur&ëmwelt Gemeng Suessem — Youth for Climate Luxembourg

MIR FILMEN A MAACHE FOTOEN / ON TOURNE ET ON PREND DES PHOTOS
Bedeelegung op eege Verantwortung / Participation à ses propres risques !

Am **Oktober** sinn d'Pläng fir de Bau vum P&R dem Parkhaus op der Käerjenger Gare bekannt ginn.

Am Kader vun der COMMODO-INCOMMODO-Prozedur si mir den Dossier kucke gaangen an hunn Froen iwwert de Fortgang vun den Aarbechten am Zesummenhang mam Contournement gestallt.



Den **12. Oktober** hu mir an engem 2. ëffentlechen Bréif de Chamber-President nach emol ugeschriwwen.

Den 1. Bierger vum Land huet et bis haut net néideg fond eis ze äentwerten!



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Nodeems mer 2019 e Räpp an e Film opgeholl haten hu mer eis geduecht eis Campagne misst en Identifiant – e Bild – kréien woumat een se identifizéiere kéint a wat mer dann ëmmer erëm ginge benotzen fir eis Aktiounen unzekënnegen.

De Logo sollt positiv sinn, kämpferesch an och kloer aussoen ëm wat et eis geet, an et sollten sech vill Leit och domadden identifizéiere kënnen.



**Samschdeg, den 24. Oktober 2020**

**Pilzwanderung mam Fernand Schiltz!**

**RV: Parking Gare Suessem/Käerjeng, 10:00 Auer**

**Mir ginn duerch den Zäemerbësch an de Bobësch**

**Umeldungen: bigs@pt.lu (bis den 22.10.2020)**

**Participation aux frais: 5 € max. 20 pers.**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

Mir respektéieren déi sanitär Bestëmmungen vu COVID-19 !

DONS - SOLIDARITÉ

Start vun eiser Sammelcampagne „**Pätter oder Giedel vun engem Bam**“ am **November** 2020 fir den Nationalen Daag vum Baam.
Eis Aktioun leeft och 2021 weider.
Bis elo huet den Alf **218** Plaquetten mat Nimm opgehangen.






#fir de besch
Annette
Nadine
IRINA
Guy
Robert
Gary
Martine
Sandy
SOL
Louis
André
Marco
Claude
Claire
Gianluca
Giada
Tania
+
Marcel
Morena
Luck
Guy


Laury
Joé


Lex
Edith
Jan


Family
ROB +
FRED
Joe
Laury
Ben
Myriam
Romain
Monika
+
Marco

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

#fir de besch

**De Samschdeg 5. Dezember offréiert d'Biergerinitiative e Glühwäin a wäert viraussiichtlech d'Giedel oder de Pätter No 100 feieren!**

**R-V an der Entrée vum Zäemerbësch um 14 Auer.**

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE NATURA 2000**
**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**






Gidd dem Virus keng Chance! Ditt är Masken un an haalt iech un d'Distanzregelen!






E Märchen, eng Satir, wou Wierklechkeet an Fantasie, Tragedie an Komedie sech ofwiesselen. Wou vun Luxusbiergerinnen an Luxusbierger, vu Vasallen an Folterkniecht, vun Alchimisten an Burghären, vun Intrigen an Kouhändel rieds geht. Flott illustréiert mat originellen Holzstesch aus dem Mëttelalter, an däitscher Sprooch, an, wéi kéint et aneschters sinn ... zu Suessem spillt!

Booklet (21x21 cm), 36 Säiten,
héichwäertegen Pabeier, matt, geheft.

D'Participation aux frais: 20 €

Réservatioun: bigs@pt.lu

#fir de besch

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000



Enn **Dezember** an Ufang Januar gouf et nees Zwëschefäll bei KRONOSPAN: Problèmer mat Kaméidi an e Feier. Mir hunn als BIGS d'Firma KRONOSPAN opgefuerdert hier Sanéierungsaarbechten weider zedreiwen an endlech Oplagen vum Ëmweltministère ze respektéieren.



Memberen vun der BIGS sammelen säit geraumer Zäit all Données zu der Problematik Kaméidi, Stepps a Geroch. Mir wollten eigentlech eng Aktioun « porte à porte » dozou maachen, wat jo awer a Coronazäiten net méiglech ass. Dofir hu mer den Opruff iwwert eis Newsletter an facebook neilancéiert.

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

## OPRUFF un d'Leit aus der Gemeng SUESSEM

Gëtt är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vu STEPPS a GESTANK a NUETSKAMÉIDI ?

ET GEET ELO DUER! D'Verursaacher mussen endlech hir Verantwortung iwwerhuelen!

Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !





Et ass wichteg, dass all Zwëschefäll dokumentéiert ginn. Maacht Fotoen, schreiwt iech den Datum an d'Auerzäit op!

Huelt Kontakt mat der BIGS op. Mir sammelen alles an konfrontéieren d'Ëmweltverwaltung mat den Donnéeën!

Stéchwuert : #Stepps #Gestank #Kaméidi

leardini@pt.lu rborrel@pt.lu bigs@pt.lu

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

## APPEL aux habitant-e-s de la commune de SANEM

Votre qualité de vie est-elle également perturbée par des POUSSIERES, ODEURS et BRUITS la NUIT?

ON EN A MARRE ! Les responsables doivent subir des conséquences! Si vous êtes également concernés, contactez-nous !

Ensemble nous pouvons agir !





Notez tout incident avec date et horaire exacts. Transmettez vos observations et photos à la BIGS.

Nous collectons toutes les informations pour compléter notre dossier avec vos données pour confronter l'administration de l'environnemnt!

Mots clés: #poussieres #odeurs #bruits

leardini@pt.lu rborrel@pt.lu bigs@pt.lu




***Ënnerstëtzt d'BIGS och 2021!***
***Gidd Deel vum Widderstand!***
***Gidd Member aktiv oder Member donateur!***
***Gidd Giedel oder Pätter vun engem Bam!***

***Mir wënschen iech all erhuelsam Feierdeeg***
***an e friddlecht a gesond Joer 2021!***

CARTE DE MEMBRE


DONS - SOLIDARITÉ




Vu dass mer nach laang Masques wäerten mussen droen hu mer ons der och ugeschaft ënnert dem Motto: **Gesiicht weisen trotz Masque!**

Weider gudd Neiegkeeten kommen vun der Miessstatioun vu Käerjeng: 2020 lungen Duerschnëttswerter bei 29 µg/m3.
Et ass natierlech kloer, dass an engem Joer vun Lockdown an verstärktem Homeoffice de Verkéier manner ass. Ma duerch de Virus sinn awer och leider méi Leit nees mam Privatauto ënnerwee a vermeiden den Ëffentlechen Transport.

Den Duerchschnettswert fir déi 3 éischt Méint 2021 leien iwrejens bei 33 µg/m3 also wait ënnert dem Grenzwert vun 40 µg/m3 ouni dass och nëmmen 1 verkéiersberouegend Moossnahm ëmgesat wier!



Am **Januar** huet d'BIGS dann an sengem 19. Joer Bestoen den Agrément vum Ëmweltministère kritt a kann elo als « **association agréée pour la protection de la nature** » weider schaffen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

*La Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,*

Vu l'article 72 de la loi du 18 juillet 2018 sur la protection de la nature et des ressources naturelles et modifiant 1° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement ; 2° la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l'Administration de la nature et des forêts ; 3° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles ;

Vu la demande en obtention d'agrément présentée par l'association sans but lucratif « Biergerinitiativ Gemeng Suessem » en date du 20 novembre 2020 ;

**Arrête :**

**Art. 1er.** L'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem est agréée.

**Art. 2.** Le présent arrêté est expédié à l'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem pour lui servir du titre.

Luxembourg, le 14 JAN. 2021

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Dieschbourg

**Carole Dieschbourg**





# VALENTINSDAG 2021

**Fir VÄLTESDAG, de 14. Februar**
**huet d'BIGS**
**Holzhäerzer fir déi verléifte**
**Koppelen parat.**

**Mailt eis är Nimm op bigs@pt.lu**

**Des ganz speziell Häerzer hänken mer**
**de Samschdeg, 13. Februar op!**
**R-V an der Entrée vum Zäemerbësch**
**um 14 Auer.**




(20 cm) 40 €

**Mir zerwéieren eng Taass Punsch (Liebestrank) an en Häerz aus Schokela!**

**Gidd dem Virus keng Chance! Ditt är Masken un an haalt iech un d'Distanzregelen!**

Iwwert d’Wanterméint hu mir vill Dossiers a Rapports gelies an eis op dem juristeschen Volet preparéiert. Mir hunn oft a vill mat eisem Affekot, dem Me Olivier Lang korrespondéiert an sinn dunn den 4. **März** a Recours géint de sog. Projet « **Wëldbréck** » gangen, zesummen mat 8 Stéit vu Käerjeng a Suessem.

→ Serge (Beoptragte BIGS fir Kontakter mat Affekot an Administratiounen):

« Wëldbréck » = Codenumm fir **Oftrennung** vun de Virbreedungsarbéchten vum Contournement (CT). Psychologeschen Trick: Apparence als “ékologesche Projet”.

Am Bild:
-ënnen « Wëldbréck » (nach keng Pläng! 2024 gebaut?)
-uewe laanscht Stross bei Parking: Stëtzmaueren fir Bréck CT iwwer CR110 (Strooss get vill méi déif geluecht, “ënnen” nëmme ganz liicht)
-orange = Fläch fir ofzeholzen (7250m2), rout = Limite chantier,
-Ufank am Hierscht? (geplangt Abréll). Dauer > 3 Joer .


**Abb. 1-1**: Planungsareal (rote Umrandung) zum Bau einer Wildbrücke und Anpassung der CR110; die orange-markierten Bereiche stellen Flächen da, deren Biotope, für das Vorhaben zerstört werden müssen, es allerdings noch keine konkrete Planung nach Beendigung des Bauvorhabens gibt; hier ist ggf. eine *in situ* Kompensation möglich.

# Argumenter Recours:

1) D'Ministesch begeet en „détournement de pouvoir" wa se de Projet Contournement an 2 spléckt.

   →verhënnert Recours géint ganze Projet (2016 an d'Prozedur/Recours Gemeng Suessem 2018 verfréit/elo kuerz virum Ofschloss („APD" beim Emweltministère déposéiert, läit eis vir.)

Verstéisst och géint europ. Habitat-Direktiv (=global Analys, ≠Zerstéckelung)

2) Verstouss géint Obligatioun Habitat-Direktiv déi obligatoresch Impakt-Studie bei Natura-2000-Zone verlaangt.

3) Argument Ministère fir derlaanscht ze kommen: Wëldbréck dingt der Gestioun Natura-Zone.

**Awer:** Gros Arbéchte ≠ Wëldbréck ≠ an national. Gestioun Nat.-Zonen virgesin.

4) Wann et der Ministesch wierklech em d'Erhalen vun der Naturzone giff goen, da giff se fir d'éischt emol de Bobësch zur Natura2000-Zone erklären (a net duerno, wa Bësch futti).

**Da giff** Verbannung 2 gläichgeschützte Bëscher evtl. fir Kohärenz Natura-Zonen suergen.

5) D’Décisioun verstéisst géint lëtz. Naturschutzgesetz 2018 + Direktiv:

-betraff = europ. geschützten Aarten wéi Mauereidechsen (ënnen an der Kéier op de Stäng) a verschidden Zorten Fliedermais (an de Beem lénks a riets vun der Strooss).

Do muss «**raison impérative d’intérêt public majeur**» virleien (wéi beim ganze Projet Contournement och) wa se ausnahmsweis sollen touchéiert ginn (mesures dérogatoires). Geplangt sinn awer « mesures d’atténuation »: «Emsiedlung» Eidechsen, « douce » Fälle Beem, Këschte fir Fliedermais (awer keng Ersatzbeem!) - ouni Begrënnung Noutwendigkeet Projet.

-an esouguer wann dat legal wir (wat mir bestreiden), missten och déi Atténuatiounsmesüren dem Gesamtéquiliber Naturzone Rechnung droen.

Et kann och net sinn dass Lëtz.Naturschutzgesetz de Schued systematesch duerch Suen ersetzt!

# Ufank Abrëll Référé déposéiert:

→Gefor Ufank Arbéchten Abrëll
→ Schued definitiv wa mer Recht „um Fong" kréien:
Beem Natura2000-Zone wéi d'Eidechsen a Fliedermais risquéiren dann zerstéiert ze sinn.

Bréif virgeluecht efor-ersa, dass Ponts&Chaussées net wëllen ofwaarden bis d'Eidechsen wéi virgesinn kënnen „ëmgesiedelt" ginn (alles deit op Ufank Arbéchten Okt. hin!)

Konnten awer Riichterin am Schnellverfahren leider net dervun iwerzeegen, dass d'Gefor Schued **elo schon** do.

Seet näischt aus iwwer eis Chancen « um Fong » (an och net an evtl. 2.référé wann Arbéchte bis ufänken).



# Bréif un d'Emweltministesch

BIGS dono Virstouss an 3 Richtungen (ënner Virbehalt Argumenter viru Geriicht):

1. Eidechsen net « ëmsiedelen ir « Ersatzterrain » aner Säit vu Schinnen fäerdeg

2. Fir Fliedermais zousätzlech Etude iwwer Summer-a Juegdquartieren an de Bëscher ronderëm, d.h. ënner Berücksichtijung Déforestatioun Contournement (+4 ha)

3. Idem fir europ. geschützten Habitat-Beem vun ca 150 Joer (Kompensatiounen!)



# Wéi geet et elo weider?

- D'Gemeng Käerjeng huet sech an d'Verfahren agemëscht.
- Den Emweltministère an d'Gemeng hun elo Zäit bis den 4.Juni Stellung ze huelen.
- BIGS et consorts da just 1 Mount – bis zum 5.Juli – fir drop z'äntwerten.
- Déi aner hunn dann – wéinst der Summervakanz – Zäit bis den 30.9. fir läscht Remarquen.

Dono Affär plaid., Uerteel normaalerweis net virun Ufank 2022 (ausser Ofkierzung délais).

**Elo warde mer**, wat de Ministère an d'Gemeng Käerjeng soen.

Spéitstens am Hierscht: Positioun vum Emweltministère zum **Gesamt-APD**.

**Spéitstens do** werte mer **d'Gemeng Suessem** wuel an Interventioun setze mussen, déi jo schon eng Kéier géint dee Projet a senger Gesamtheet geklot hat, mat ville gudden Argumenter (déi elo méi wéi je gëllen wou d'Pollutioun an der av. de Luxembourg zu Käerjeng nach weider erofgeet).

Den 22. **März** hate mer eng **Entrevue mam Schäfferot** vun eiser Gemeng fir iwwert verschidden Dossiers ze diskutéieren. Ënneranerem iwwert den Dossier Wëldbréck, den Aarbechtsgrupp Contournement an mir hunn hinnen matgedeelt, dass d'BIGS den Agrément vun der Ëmweltministesch kritt huet an dofir och e Recht huet 2 Vertrieder an d' Ëmweltkommissioun gennant ze kréien.

D'BIGS huet och eng Ëmklasséierung am Panel vun den Veräiner ugefrot.

Beid Demandes goufen positiv avaliséiert.

GEMENG SUESSEM

Ufang **Abrëll** hate mer eis Ouschtereeëraktioun zesummen mat der « **Société avicole » vu Bieles** wou mer 200 Gackelcher am Bobësch verstoppt haten. A mir hunn Plaquettes mat de Fliedermais an den Lézards do wou déi Déieren hir Habitater hunn, opgehangen.






Eng logesch Konsequenz vun eisem gemeinsamen Kampf mat eisen Partner fir d'Erhalen vum Zäermerbësch a vum Bobësch ass eisen aktuellen **APPEL** fir de **MORATOIRE** vum Bau vum Käerjenger Contournement dee mir um Internet resp. facebook lancéiert hunn.
An engem kruziale Moment vun der Menschheetsgeschicht, wou mer eng Pandemie ausgeléist vun engem Virus duerchliewen, wou mer als Menschen eis Grenzen méi ewéi däitlech gewisse kréien, kenne mer net einfach weiderfueren an mat Rezepter vu geschter déi Problèmer déi mer haut hunn fir muer mat léisen. D'Politik ass gefuerdert. Schluss mat Sondesrieden. Maacht endlech Neel mat Käp!



Comptes an Finanzen
présentéiert vum Monique



BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2020

| **soldes au 01/01/2020** | |
|---|---|
| ccp | 2.723,49 |
| caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 132,81 |
| ccra épargne | 1.009,16 |
| | |
| TOTAL | **3.881,69** |

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2020

| | RECETTES | DEPENSES | |
|---|---|---|---|
| ***Membres*** | **240,00** | | |
| Membres effectif: 2020 | | | 150,00 |
| Membres donateurs: 2020 | | | 60,00 |
| Membres effectif: 2021 | | | 30,00 |
| ***Dons*** | **16.082,00** | | |
| **Intérêts** | **0,50** | | |
| ***Frais administratifs*** | | **261,49** | |
| Assurance | | | 108,69 |
| Frais de virements + bancaires | | | 34,00 |
| Frais Digicash | | | 26,67 |
| Frais abonnement Internet | | | 14,28 |
| Cotisation "Entente de Sociétés de Sanem" | | | 10,00 |
| Frais publicité | | | 67,85 |
| ***Frais Campagne "Bësch"*** | | **5.703,75** | |
| Frais Avocat | | | 5.703,75 |
| ***Frais réunion d'information 2019*** | | **409,50** | |
| Frais Traduction | | | 409,50 |
| ***Assemblée générale: repas*** | **184,00** | **150,00** | |
| ***Pilzwanderung*** | **80,00** | **35,00** | |
| ***Booklet: Ein Sommernachts(alp)traum*** | **910,00** | **663,32** | |
| ***Masques*** | | **351,00** | |
| TOTAL | **17.496,50** | **7.574,06** | |

**RESULTAT: BENEFICE 9.922,44**

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2020

| soldes au 31/12/2020 | |
|---|---|
| ccp | 12.563,32 |
| caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 218,92 |
| ccra épargne | 1.005,66 |
| total | **13.804,13** |

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

# RAPPORT FINANCIER 2020

| soldes au 01/01/2019 | | soldes au 31/12/2019 | |
|---|---|---|---|
| ccp | 2.723,49 | ccp | 12.563,32 |
| caisse | 16,23 | caisse | 16,23 |
| ccra c/c | 132,81 | ccra c/c | 218,92 |
| ccra ép. | 1.009,16 | ccra ép. | 1.005,66 |
| **TOTAL** | **3.881,69** | **TOTAL** | **13.804,13** |

**RESULTAT DE L'EXERCICE: + 9.922,44**

- Wal vum Conseil d’administration (Mandat fir 2 Joer)
- Wal vun de Keesseriviseurs (Mandat fir 1 Joer)

**Membres du Conseil d’administration (2021-2023)**

Arendt Patrizia
Cecchetti Myriam
Gourschke Alf
Leardini Bianca
Mathieu Jos
Schumann-Reder Monique



**Réviseurs de Caisse:**

Haas Jean-Marie
Jungers Pierre




Wéi geet et weider?

Prioritär bleiwt fir d'BIGS  nach ëmmer den Dossier **CONTOURNEMENT** an mir wäerten weiderhinn all eis Kraft asëtzen fir d'NATURA-2000-Zone ze schützen an de Contournement ze verhënneren.

Mir bleiwen « wachsam » wat den APD vum Contournement ugeet. Mir si prett fir de Recours. An deem Sënn wäerten mer och weider Aktiounen am Zäermerbësch an am Bobësch plangen.

Et ass schwéier konkret Aktiounen am viraus ze plangen wëll mer net wëssen wéi schnell an ob sech d'Situatioun no den Impfungen wäert entspanen.

D'BIGS wäert och den Dossier KRONOSPAN an GADDERSCHEIER am A behalen an op deenen Themen schaffen!

2022 ass net nëmmen Kulturjoer an Esch22 ma d'BIGS kritt dann och 20 Joer !
Et soll een och e bessi feieren, dat kucke mer dann.

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

## RAPPORT FINANCIER

# Prévision 2021

| | RECETTES | DEPENSES |
|---|---|---|
| MEMBRES COT 2021 | 250,00 | |
| Dons | 12.000,00 | |
| Assurance | | 110,00 |
| Frais de virements + bancaires | | 40,00 |
| Frais administration | | 400,00 |
| Frais avocat | | 20.000,00 |
| Divers (masques, booklet, gadgets…) | 400 | 100,00 |
| TOTAL | 12.650,00 | 20.650,00 |

| | |
|---|---|
| RESULTAT: | **- 8.000** |



- Fraï Aussprooch
- Schlusswuert

BIGS

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

Merci fir den Interessi an d'Nolauschteren !

Bleift weider kämpferesch an ënnerstëtzt d'Ëmweltoganisatiounen!

Gidd Deel vum Widderstand !

#fir de besch